ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
16 JAN. 2020
1726

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 16. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

De Littering, speziell laascht eis Stroossen, hëlt leider ëmmer méi zou. Permanent gesäit een d'Leit vun der ëffentlecher Stroossebauverwaltung Offall oprafen. Och fir eis Bauere stellt de Littering e seriöe Problem duer, well den Offall – ë.a. Glas oder och spatz Metallstécker vu Béchsen – am Fudder vum Véi lant, wat zu schlëmme Verletzunge ka féieren. Dacks stierft d'Véi esou guer dovun. Och déi sëllege Sensibiliséierungscampagnen hunn, wéi et schéngt, kaum eng Wierkung gewisen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Huet d'Regierung Zuelen, wéi vill Stonnen – zesummegefaasst vum ganze Land – Leit vun der Stroossebauverwaltung pro Joer – an opgeschlësselt op déi lescht sechs Joer - domat verbréngen, den Offall laanscht Stroossen opzerafen?
2. Huet d'Regierung Zuelen, wéi vill Tonnen Offall laanscht d'Stroose pro Joer – an opgeschlësselt op déi lescht sechs Joer – hu missen entsuergt ginn?
3. Wat fir Mesuren proposéiert d'Regierung am Allgemengen, fir datt d'Ausmooss vum Littering endlech zeréckgeet?
4. Ass d'Regierung net der Meenung, datt et beim Littering dréngend noutwenneg wär, vill méi Kontrollen duerchzeféieren, dëst op systematesch Aart a Weis? Wa jo, wéi sollen dës Kontrolle konkret ausgesinn?
5. Ass d'Regierung net der Meenung, datt d'Strofe fir de Littering no uewe misste revidéiert ginn?
6. Kann d'Regierung sech virstellen, als Strofmooss fir de Littering op sozial Aarbechtsmesuren – wéi z.B. Dreck oprafe laanscht d'Stroossen – ze setzen, amplaz just op Strofe finanzieller Natur ze setzen, ewéi dëst aktuell de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 10 MARS 2020

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
10 MARS 2020

Service central de législation
Monsieur Hansen Marc
Ministre aux Relations avec le
Parlement

**Objet :** QP 1726 - Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1726 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

130-000008-20040525-FR

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten op d'parlamentaresch Fro n°1726 vum 16. Januar 2020 vum éierbaren Députéierten Här Jeff Engelen iwwer "Littering"**

1. ***Huet Regierung Zuelen, wéi vill Stonnen – zesummegefaasst vum ganze Land – Leit vun der Stroosebauverwaltung pro Joer – an opgeschlësselt op déi lescht sechs Joer – domat verbréngen, den Offall lanscht Stroossen opzerafen?***

Fir d'Äntwert ob dës Fro kënnen ze ginn, si bei der Stroossebauverwaltung Recherchen gemaach ginn. Déi disponibel Zuelen goufen entspriechend opbereed, den Detail kann awer net iwwerall esou geliwwert ginn, wéi vum honorabelen Deputéierten gefrot. Et ass allgemeng dozou ze soen, dass et bis elo net gefuerdert war, en zousätzlechen administrativen Opwand ze bedreiwen fir esou Statistiken kënnen ze liwweren.

Reng fir d'Landstroossen, geet d'Stroossebauverwaltung vun engem Opwand vun 251.700 Aarbechtsstonnen iwwert déi lescht 6 Joer verdeelt aus.

2. ***Huet d'Regierung Zuelen, wéi vill Tonnen Offall lanscht d'Stroose pro Joer – an opgeschlësselt op déi lescht sechs Joer – hu missen entsuergt ginn?***

D'Ëmweltverwaltung mëscht reegelméisseg Analyse fir ze bestëmme wéi eng Zorten Offall an der Natur landen. Resultater aus dëse Studien erméiglechen et da geziilt Mesuren ze ergräifen. Esou Studie sinn an de Joren 2008 an 2015 gemaach ginn. Déi nächst Studie gëtt dëst Joer gemaach.

2015 sinn am Duerchschnëtt 103 kg Offall pro km laanscht Nationalstroosse gesammelt ginn (89 kg pro km am Joer 2008).

2015 sinn am Duerchschnëtt 216 kg Offall pro km laanscht d'Autobunne gesammelt ginn (309 kg pro km am Joer 2008), dës Quantitéite variéieren awer staark vu Joer zu Joer.

Et gi Käschte vun 1,2 Milliounen Euro d'Joer fir d'Botze laanscht national Strooss an Autobunnen (inklusiv Botzen duerch Gemengeservicer) vum Lëtzebuerger Staat geschat, vun deenen 90% Personalkäschte sinn, 4,8 % Sammlung- an Transportkäschten a 5,2% Entsuergungskäschte sinn.

Dousen, Glas- a Plastiksfläsche maachen, op Gewiicht gekuckt, 58% vum Littering aus.

Déi detailléiert Resultater vun de Studie stinn op www.emwelt.lu.

3. ***Wat fir Mesuren proposéiert d'Regierung am Allgemengen, fir datt d'Ausmooss vum Littering endlech zeréckgeet?***

De Ministère fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung souwéi d'Ëmweltverwaltung organiséiere reegelméisseg Sensibiliséierungscampagne fir d'Leit iwwert den Impakt vum Ewechgeheie vun Offall an der Natur (Littering) opzeklären. D'Campagne "Klengen Offall, grousse Problem" ass 2017 gemaach ginn, an 2018 widderholl ginn. 2019 ass eng Campagne "Offall kann déidlech sinn" lancéiert ginn, wou nieft de Problemer vun der Ëmweltverschmotzung, och d'Auswierkungen op d'Déieren thematiséiert goufen.

Am nationalen Offall- a Ressourcenwirtschaftsplang (PNGDR) vun 2018 sinn eng Rei Ziler a Mesurë festgehalen. Dat allgemengt Zil vum PNGDR ass et Offall ze vermelden oder ze reduzéieren. Dëse Plang ënnerstëtzt Bestriewen zu enger zirkulärer Ekonomie. Sou solle méi nohalteg Léisungen ugebuede ginn, wéi z.B. Fërdere vu Méiwee-Alternativen net nëmmen am Beräich vun de Verpakungen. Eng aner Mesure aus dem PNGDR gesäit fir, datt déi separat Sammlung vu verschiddenen Offallstréim soll ausgebaut ginn. Nëmmen duerch eng separat Sammlung kann herno och eë qualitativ héichwäertege Recycling garantéiert ginn.

Momentan lafen d'Aarbechte fir déi verschidden Direktiven déi am Kader vum Paquet "Economie circulaire" ugeholl goufen, an d'Lëtzebuerger Legislatioun ze transposéieren. Dozou gehéiert och, datt déi nei Direktiven iwwert d'Ewee-Plastiker direkt mat ëmgesat gëtt. Duerch dës nei Direktive kommen dann och eng Rei vu neien Obligatiounen op Lëtzebuerg duer. Parallel zum Iwwerschaffe vun de Gesetzestexter, gëtt och un enger Null Offall Strategie geschafft, déi ënner anerem och zum Zil huet, Eeweeverpakungen ze vermeiden oder ze reduzéieren.

4. ***Ass d'Regierung net der Meenung, datt et beim Littering dréngend noutwenneg wär, vill méi Kontrollen duerchzeféieren, dëst op systematesch Aart a Weis? Wa jo, wéi sollen dës Kontrolle konkret ausgesinn?***

Lëtzebuerg huet am Kader vun der Stäerkung vu senger Gesetzgebung e Katalog vu Sanktioune géint eng illegal Offallentsuergung ugeholl. Sou kënne Geldstrofe vu 49 Euro fir d'Ewechgeheie vu Pabeier oder engem Zigarettestomp bis hin zu 145 Euro fir den illegalen Depot vun engem elektroneschen Haushaltsapparat ufalen. An dem groussherzogleche Reglement vum 18. Dezember 2015 ass de Katalog vun de Sanktiounen opgelëscht.

Am Kader vun der aktueller Iwweraarbechtung vun der Offallgesetzgebung wäerten d'Dispositiounen betreffend de Littering nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn.

Donieft sief awer och drun erënnert, datt zënter Dezember 2015 et tëscht der Ëmweltverwaltung an der Douane eng Kooperatiounskonventioun gëtt, fir gemeinsam Inspektiounen a Kontrollen am Ëmweltberäich duerch ze féieren.

5. ***Ass d'Regierung net der Meenung, datt d'Strofe fir de Littering no uewe misste revidéiert ginn?***

D'Strofe fir Verstéiss géint Ëmweltgesetzer si generell niddereg. Dëst betrëfft och d'Gebitt vun der Offallwirtschaft a besonnesch dem Littering. Mir sinn eis dësem Problem bewosst, deen iwweregens och scho vun internationalen Institutiounen opgeworf gouf, sou wéi am Kontext vum GENVAL-Projet vum Conseil vun der europäescher Unioun iwwert Ëmweltkriminalitéit oder wärend Diskussioune mat den zoustännege Servicer vun der OECD.

Aus dësem Grond sinn an neien Ëmweltgesetzer, wéi zum Beispill dem Gesetz iwwer Chemikalien a Bioziden, Erhéijunge vu kriminelle Strofe virgesinn an och eng Verbesserung vun der Effektivitéit vum Strofsystem. D'Offallgesetzgebung, déi kuerzfristeg weesentlech geännert wäert ginn opgrond vu neien europäeschen Direktiven an dësem Beräich, wäert méi héich an ofschreckend Sanktioune virgesinn, dat besonnesch fir géint de Littering vir ze goen.

6. ***Kann d'Regierung sech virstellen, als Strofmooss fir de Littering op sozial Aarbechtsmesuren – wéi z.B. Dreck oprafe laanscht Stroosen – ze setzen, amplaz just Strofe finanzieller Natur ze setzen, ewéi dëst aktuell de Fall ass?***

A wéi wäit esou sozial Aarbechtsmesuren een Impakt op de Littering hunn, bleift ze klären. Et muss een oppassen, domat net een onerwënschten Nieweneffekt ze kreéieren andeems een d'Problematik vum Littering erofspillt, well et jo Leit ginn, déi den Offall asammele géifen.